Groussbuss den 20.03.83

Här Paschtoer,
Collégen aus dem Scheffen a Gemengerot,
Dir Dammen an dir Hären,
Léiw Komeroden a Frenn,

Fir d'éischt muss ech onsen Här Burgeméschter entschellegen, dén aus Gesondhétsgrenn net kann hei sin an dén ech dofir ersetzen. Am Numm vun der Gemengeverwaltung héschen ech iech alleguer wellkom, a mir sin frou a geéiert iech léiw E'eregäscht a Komeroden des Réceptioun kennen ze offréieren. Et ass fir ons Gemeng eng besonnesch Fréd d'Memberen vun der Amiclae vun den Enrôlés de force, victimes du nazisme, haut op hirem Dag, och hei am Gemengenhaus ze empfänken. Mat desem Empfank documentéiere mir, virun onser Bevölkerung a besonnesch virun ons Jugend vun Haut, dass mir ons och nach an desen Zeiten, no méi wéi 40 Joer, nach déiw verbonne fillen mat der démoleger Kriegsjugend.

Nodém de preiseschen Occupant den 10. Mä 1940 ons Land iwerfall a besat huet, wollt hien d'Lëtzebuerger "heim ins tausendjährige Reich" féieren. Et war d'Aufgab vum Gauleiter Gustav Simon, onséilegem Gedenken, Lëtzebuerg ze nazifizéieren. Mir sollten ons Hémecht verlégne, ons Hémechtsproch verléieren, an dat freit an onofhängegt Land Lëtzebuerg nach jhust en Dél vum Gau Moselland gin. Leider hat de Gauleiter a séng Akolitten d'Rechnung ouhni de Wirt gemacht. Esou schnell hun d'Lëtzebuerger sech net zu Verréider un hirer Hémecht mache geloss. Ufangs mat gudde Wieder huet d'preisesch Propaganda no a no méi scharf an opdränglech Téin ugeschloen. D'Aschüchterungsmethoden gouwen zu Mount zu Moutn méi zoudringlech. Emmer gréisser ass den Drock gin, esouwuel an de Schoulen, wéi op der Arbechtsplatz, an am öffentlechen Liewen fir d'Lëtzebuerger zum Nazismus ze bekéieren. Emmer méi Lëtzebuerger hu bekanntschaft mat der Villa Pauly an der Staat a mat der Gestapo gemat. De Prisong ass lues a lues mat Patrioten iwerfellt gin, an déi éischt hun KZ Hinzert kennegeléiert. Awer dest alles huet séier wéineg Lëtzebuerger vun hirer hémecht treier Haltung ofbruecht. Au contraire, wat de preiseschen Drock méi grouss gouw, wat d'Lëtzebuerger hir Déckkäpp méi gewisen hun.

Dun, wéi all politesch Méthoden a Gängstertricken kén Erfolleg bruecht hun, huet de Gauleiter Gustav Simon zum gréissten Verbriechen géngt d'Menschlechkét gegraff. Den 30. August 1942 huet hien d'Wehrpflicht fir de lëtzebuerger démolegen jonktem agefouert. Et war dest e sataneschet Virgoen fir d'lëtzebuerger Jugend ze zerstéieren. Sie sollt un de geféierlechsten Kriegs-Frontabschnette verbludden. De lëtzebuerger Nowuess

war condamnéiert auszestierven fir esou engerseits de Widerstand vun desem Volléck ze briechen a fir kennen, anerseits des frei Platzen duerch nazi-trei Gesindel opzefellen. A wehen, wann en Zwangsrekrutéierten sech als Refraktair dem Wehrdingscht entzéier wollt, dann hu séng Elteren, Mamm, Papp a Geschwester dofir bezuellen missen. Déi sougenannten Sippenhaft ass agefouert gin. D'ganz Famill ass responsabel gemach gin fir de Famillienmember déi gefroet huet sech dem preiseschen Stiewel ze widersetzen. Esou gouwen honnert vun Familien emgesiedelt, hirt Verméigen beschlagnahmt, hiren Haff oder Besetztum Nazien aus dem Altreich iwergin. Bridder a Schwesteren vun Refractairen agespart an a KZer zu Doud gepéngescht. Trotz alldem konnten sech 3.500 Jongen dem Wehrdinscht entzéien. Leider hun awer och ronn 3.000 hir Hémecht hir Hémecht net méi erem gesinn. Vill gouven Krank a Mutilléiert. A Gefangenen Lager, wéi Tambow zum Beispill huet ze lang missen op d'Liberatioun gewart gin, an un den Entbierungen physecher a moralescher Art hun der vill hirt Lieven misse lossen. No dem Repatriement sinn der nach vill ze vill fréizeitsg gestuerven oder hu missen als Invaliden aus dem Arbechtsprozess ausschéden.

Gottseidank waren d'Médercher an d'Jongen an hirem Iwerliewensdrang net alleng. Vill gudd lëtzebuerger Patrioten hun hinne gehollef. Et siew dat dass sie se bei sech verstoppt hun, ravitaliséiert, falsch Pabeieren ausgestallt oder d'Grenz bruecht hun. All desen treien Lëtzebuerger bleiven ons Médercher a Jongen trei. Et ass nemmen ze bedaueren dass munnech Famillen déi net nemmen é Refractair mä oft méi verstoppt, gehegt a gepflegt hun, a fleit net vun de preisen erwecht an déportéiert gouw, net zu dénen E'eren komm ass déi hinnen zoukommen. Sie hun et och net dofir gemach! Mä wann én dann awer geseit wéi verschidden "Och Patrioten", oder déi vun 5 Minuten virum Schluss oder esouguer déi, déi hir patriotesch Gefiller eréischt no der Befreiung entdeckt hun, wéi des Zort hire Patriotismus an d'Fenster stellt an é sech bezuele léisst, dann muss et engem Léd dongen fir déi gud brav trei Famillen déi wirklech Liewen a gud riskéiert hun fir engem lëtzebuerg Médchen oder Jong ze hëllefen, an net dé verdingte Merci kruten. Dat muss eis revoltéieren.

D'Fédératioun vun den enrôlés de force huet mat hirem Drängen op d'Schafung vun der Médaill e de la Reconnaissance Nationale hirt Méiglech gemach fir de Merci vun der geafferter Generatioun auszedrécken. Och kont de Fédératiounskomité oder besser onse Fédératiounskomité, well schliesslech gehéieren ech jo och deser Generatioun, a joerzingtem langen harden Asatz vill gesetzlech Diskriminatioun aus der Welt geschafen an duerch d'Gesetz vum 12. Juni 1981 gouw kloer gesot dass och mir enrôlés de force

d'Affer vun onser patriotescher Haltung gouven. Ech well vun deser Gelegenhét émol profitéieren fir all déne Komeroden aus dem Fédératiounskomité de Merci vun allen Zwangsrekrutéierten auszespriéchen fir hir langjähreg onégenëtzeg Arbecht fir ons Cause Commune. Nach sin net all Problemer geléisst a mir brauchen nach d'Aktivitéit vun eisem Zentralkomité. Mir brauchen nach emmer ons lokal Amicalen wou én dém aneren kann hellefen an encouragéieren. Ech sin dofir frou, dass och ons Amicale hei zu Groussbous nach emmer esou aktif ass. Dass d'Komeroden aus dem Sectiounskomité hir Zeit a Gedolt afferen fir dass ons Komerodschaft erhale bleivt. Et ass fir des Komerodschaft wou ech iech an eis féliciteieren. Et ass fir des Komerodschaft, déi a schwéierster Zeit gebueren, a mam Blud vun onse Gefalenen a verstuervenen Komeroden besiegelt gouw, ob des Komerodschaft well ech ons Glas erhieven, an drop drénken dass sie nie soll ennergoen. Sie soll iwerdroen gin ab ons Kanner an ons Nofolger fir dass och sie solle wessen dass doch e klent Vollék a Solidaritéit déi schwéiert Schicksalschléi iwerstoe kann, a weider ka lieven. Vive ons Hémecht a vive d'enrêlés de force.